



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik

presentéiert vum

Här Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister

an der Chamber
den 11. November 2020

Et zielt dat geschwatent Wuert

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

1. Wéi d'Joer ugefaangen huet, konnt kee vun eis virausgesinn, dass d'Mënschheet 2020 mat der gréisster Kris zanter dem Zweete Weltkrich konfrontéiert géif ginn. Experten haten zwar an de leschte Jore virdu gewarnt, dass d'Welt vulnerabel wier fir gréisser Krisen am Gesondheitsberäich. Mee d'Pandemie vum COVID-19 huet eis iwwerrascht duerch d'Virulenz an d'Vitesse mat där si eng Region no där anerer getraff huet, wéi e globalen Tsunami.
2. De COVID huet eist aldeeglecht Liewe verännert. Mir müssen eise Liewensrhythmus an eist Behuelen de sanitäre Reegelen no upassen. Dat wierkt sech aus op d'Aart a Weis wéi mir schaffen, wéi mir reesen, wéi mir zesummenzeliewen, wéi eis Betriber an eis Verwaltung funktionéieren. Mee wann een sech d'Evenementer op der Weltbün virun Ae féiert, d'Konflikter déi weiderginn oder di nei entstinn feststellt, dann ass et d'Conclusioun, datt d'COVID-Pandemie e globalen Trend beschleunegt a verstärkt, dee scho virdrun do war. Deen Trend ass komplex a villschichtig, mee ech géif e mat engem Wuert resuméieren: Vulnerabilitéit. Ech schwätzen hei vun der Vulnerabilitéit, vun der Fragilitéit vun der ganzer Weltuerdnung déi mir zënter dem Zweete Weltkrich mat opgebaut hunn.
3. Dës Kris huet och d'Lëtzebuerger Diplomatie gefuerdert an eis eng Krisendiplomatie ofverlaangt.
4. Mir müssen an der Urgence agéiere fir d'Corona-Kris ze bewältegen, a mir musse gläichzäiteg mat aller Energie weiderhin dru schaffen, fir d'Vulnerabilitéit vun der Weltuerdnung ze behiewen, fir eng Weltuerdnung ze stäerken, déi op d'Reegele vum internationale Recht berout. Mir sinn hei gefuerdert fir als Lëtzebuerg eisen Deel dozou bäizedroen: an eise onmëttelbaren Ëmfeld an eise Relatiounen mat eisen Nopeschlänner, bannent der Europäescher Unioun, an doriwwer eraus am multilaterale System souwéi an eise Bezéiungen mat eise Partner an der Welt.

5. D'Presidentschaftswalen an Amerika si vun iwvergeuerdenter Wichtigkeet fir déi ganz Welt, zum Gude wéi zum Schlechten. Amerika huet vu Januar 2021 un e President, dee sech nees dem Zesummebréng vum de Länner op der Weltbün verschreiwe wäert, dem kultivéierten Ëmgang ënnert den Natiounen a mat engem Sënn, nees, fir d'internationaalt Recht. Véier Joer Desaster op all dëse Gebidder waren der véier ze vill.

Krisendiplomatie

6. D'Corona-Kris huet direkt Implicatiounen op d'Aarbecht vum Ausseministère an op eis Aussepolitik, déi virun allem an enger éischer Phase, am Fréijoer, vun enger aktiver Krisendiplomatie gepräägt gouf. Et gong ënner anerem drëm fir eise Bierger uechter d'Welt ze hëllefe fir zréck an hier Heemecht ze kommen. Den Ausseministère huet hei zesumme mat eisen europäesche Partner déi gréisste Rapatriementsaktioun an eiser Geschicht organiséiert. Et gong och drëms eis Grenzen opzehalen oder erëm opzekerien.
7. Eng aner wichteg Aufgab war et ze hëllefen, mat eisen Ambassaden iwverliewenswichtig medezinescht Material a Medikamenter erbäi ze kréien, an enker Ofstëmmung mat der Cellule logistique am Gesondheitsministère. D'Cargolux huet hei eng ganz wichteg Roll gespillt. D'Koordinatioun an der EU war eng aner grouss Erausforderung.
8. An der Pandemie huet Lëtzebuerg konkret Solidaritéit gewisen. Patienten aus Frankräich hu mir an eisen Intensivstatiounen traitéiert. A China an a Spuenien hu mir spezialiséiert Schutzmaterial geliwwert. Am Kader vum der NATO hu mir gehollef, Material wéi zum Beispill Respirateure fir eis Partner ze transportéieren. Op eiser Säit krute mir medezinescht Material a Medikamenter vu Partner an Asien wéi China, Japan, Südkorea oder Taiwan. D'Lëtzebuurger Kooperatioun huet sech beméit, eise Partner an den Entwécklungslänner, besonnesch an Afrika ënnert d'Äerm ze gräifen, an och der Weltgesondheitsorganisatioun, der OMS e méi staarken Appui an dëser kritescher Situatioun ze ginn.

Assistance consulaire

9. D'Pandemie huet besonnesch d'Servicer vum Ausseministère am Beräich vun der Assistance consulaire virun Erausfuerderunge gestalt wéi mir der bis ewell nach net haten.
10. Bei der Situatioun zu Wuhan a China, vu wou mir zesumme mat de Kollege vum HCPN an dem CGDIS, a mat der Ënnerstëtzung vun eisen europäesche Partner, dräi Lëtzebuerger konnte rapatriéieren, konnt een nach vun enger méi traditioneller konsularescher Aktioun schwätzen. Mee vu Mëtt Mäerz un si mir ganz staark sollicitéiert gi vu Matbierger, déi Hëllef gebraucht hunn fir zrëck an hier Heemecht ze kommen.
11. Mir hunn et fäerdeg bruecht eis konsularesch Servicer esou ze adaptéieren datt mir op all Appellen esou schnell wéi méiglech an esou gutt wéi méiglech konnte reagéieren. Am Laf vun der Kris huet den Ausseministère doduerch iwwer 1000 Lëtzebuerger a Residente vu Lëtzebuerg gehollef, erëm op Lëtzebuerg zrëck ze kommen. Mir hunn och ganz ville Leit gehollef, déi sech vu Lëtzebuerg aus an eis Nopeschlänner an an aner Länner vum Schengen-Raum hu missten deplacéieren oder vun do wollten erëmkommen.
12. Eng sëllege vun eise Matbierger souzen op alle fënnef Kontinenter fest – well d'Grenzen zou waren an et och keng kommerziell Flich méi goufen – an si wollten, nom Ausbroch vun der Pandemie, séier heem kommen. Eis konsularesch Assistenz am Ausseministère an eisen diplomatesche Reseau waren am Kontakt mat jiddwerengem deen sech gemellt an em Hëllef gefrot huet, an huet versicht, si beschtméiglech ze ënnerstëtzen. Dag an Nuecht hunn eis Zerwisser sech dofir agesat fir datt eis Matbierger konnte schnellstméiglech zerëck op Lëtzebuerg kommen, an ech si frou, dass dat och fir di allermeeschte vun hinne gelongen ass.
13. Dës Kris huet emol méi gewisen, wéi wichteg e gudden, breetgefächerten diplomateschen a konsularesche Reseau ass, fir datt mir, och an esou Situatiounen, kënnen de Service um Bierger garantéieren. Ouni eis Ambassaden, Konsulater an eis Honorarkonsulen um Terrain wär dat net méiglech gewiescht. Ouni di

privilegiéiert Kontakter vun eisen Ambassaden zu den EU- a Schengen-Partner wär de Retour vun eise Matbierger dacks schwéier ze organiséiere gewiescht. Si hunn sech onermiddlech dofir agesat, dass eis Matbierger op de Passagéierlëschte bliwwen sinn, oder datt si nach a leschter Minutt dropkoumen. Déi Kontakter waren a sinn dofir essentiell an hunn e groussen Deel zur Reussite vun eisen Efforte bäigedroen.

14. Als klénge Land am Zentrum vun Europa si mir natierlech, nach méi wéi Anerer, op d'Zesummenaarbecht mat eisen EU-Partner ugewise fir dat kënnen ze realiséieren a mir hunn versicht eis Matbierger, wou et nëmme gong, op e Vol fir heem ze kréien. Dat war net ëmmer einfach well mir schwätzen hei vun honnert Dausende vun EU-Bierger, déi probéiert hunn heemzekommen, an enger Situatioun an där all Land fir d'éischt emol no sengen eegene Bierger gekuckt huet.
15. Dat war dacks och nëmme méiglech dank der Ënnerstëtzung an der gudder Zesummenaarbecht mat eisen enkste Partner – wéi de Benelux-Partner an eisen direkten Nopeschlänner – di eis Matbierger mat op hir Rapatriementsvole geholl hunn, an dat obwuel si selwer ganz vill eege Bierger haten di nach hu misste waarden. Dofir well ech hinnen hei op dëser Plaz nach ee ganz grouse Merci soe fir déi Solidaritéit déi si de Lëtzebuerger entgéintbruecht hunn.
16. Och eis Participatioun un der Aktioun vun der EU, déi eng eegen Taskforce agesat hat fir de Rapatriementseffort ze koordinéieren, war eng grouss Hëllef an ech well speziell déi europäesch Dimensioun vun der Koordinatioun hei ënnersträichen. Fir eis war dësen Effort fir eis Matbierger erëm heem ze kréien och ëmmer eng Aktioun vun europäescher Solidaritéit. Mir hunn och selwer zwee Rapatriementsflich aus dem Cabo Verde organiséiert, wou mir esouwuel eng grouss Unzuel Lëtzebuerger wéi och Bierger aus aneren EU- a Schengen-Länner, an enger Aktioun vun europäescher Solidaritéit, mat op Lëtzebuerg bruecht hunn. 341 Lëtzebuerger an aner EU-Bierger sinn iwwert dee Wee rapatriéiert ginn. Dës Flich sinn och am Kader vum Europäeschen Zivilschutz-Mechanismus zum Groussdeel vun der EU matfinanzéiert ginn. Als Zeeche vu Solidaritéit wollte mir natierlech domat och eis europäesch Partner ënnerstëtzen, di eis a villen anere Länner enorm gehollef hunn.

Eis Noperen an d’Groussregioun

17. Dëst Kris huet villes vun deem wat mir als selbstverständlecht betruecht hunn un d’Wackele bruecht. Esou konnt kee sech virstellen datt et de 26ten Mäerz, um 25. Joresdag vum Akraafttriede vum Schengener Ofkommes zu Schengen, op der Grenzbréck, Kontrolle géif ginn. Wou Grenze während Joerzénge quasi onsiichtbar waren, wou eleng an eise kleng Land a senge Grenzregiounen honnerttausende Leit all Dag Europa am Alldag gelieft hunn, do war ob emol erëm eng richtig Grenz déi d’Mënsche vunenee getrennt huet. Oppe Grenzen a Beweegungsfräiheet an der EU hu mir fir eng Evidenz gehalen. Elo ass et nees eng kruzial Erausforderung fir eis Aussepolitik ginn.
18. Mir hunn an de leschte Méint intensiv un der Fro geschafft an et ass jo net vun Ongeféier datt elo an der zweeter Well vun der Pandemie et keng Kontrolle méi op eise Grenze gesinn. Allerdéngs bleibt d’grenziwwerschreidend Reesfräiheet weiderhin eng Erausforderung. Well d’Aklasséierung vu Lëtzebuerg als Risikogebitt duerch eng sëllegen europäesch Länner huet an der Praxis ganz änlech Konsequenze wéi Grenzkontrollen. Eng Quarantänpflicht déi just nëmmen dorop berout, datt een zu Lëtzebuerg wunnt, ass och eng Aschränkung vun der Beweegungsfräiheet.
19. Fir déi iwver 200.000 Frontalieren déi normalerweis all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen – dorënner och Dausende Lëtzebuerger Staatsbierger déi am Grenzgebitt wunnen – setze mir eis zënter dem Ufank vun der Kris an, fir datt si ouni Problemer och weiderhi kënnen op Lëtzebuerg schaffe kommen.
20. Mee de grenziwwerschreidende Verkéier betrëfft net nëmmen d’Frontalieren. Och ganz vill aner Kategorië vu Leit sinn a villen Aspekter vun hirem Liewen op eemol nees mat der Existenz vun enger Grenz konfrontéiert.
21. D’Froen déi eis all Dag vun de Bierger gestallt gi sinn immens verschidden, well d’Reegelen déi sech an den Nopeschlänner applizéieren dacks net kloer sinn. Och hei versicht den Ausseministère esou gutt et nëmme geet de Leit weiderzehliefen.

Zënter dem Ufank vun der Kris hu mir eng sëllegen Interventioone gemaach fir eenzele Leit ze hëllef: an den Haaptstied, an de Regionen oder Bundeslänner, awer och bei Universitëiten, Klinicken a Schoulen.

22. Mir hunn eis och dofir staark gemaach, fir datt keng arbiträr an eesäiteg Critère sollen dozou féieren datt Lëtzebuerg zu engem Risikogebitt erkläert gëtt, wat dann Aschränkungen an der Reesfräiheet mat sech bréngt. Vun Ufank un hu mir eis dogéint gewiert datt eng Aschätzung vun der Situatioun zu Lëtzebuerg eenzeg an eleng op der Zuel vun den Neiinfektioone baséiere soll. De spezifesche lëtzebuergesche Kontext vun enger beispillhafter Politik, ënnert anerem mam „large scale testing“, ass ëmmer nees erkläert ginn. Dëst huet lues zu engem Ëmdenke gefouert a mir sinn op méi a méi Versteesdemech gestouss.
23. Déi lescht Méint hunn en déiwen Aschnëtt an d'Zesummeliwen an der Groussregioun duergestallt an et muss elo alles drugesat gi fir d'Vertrauen an oppe Grenzen erëm opzebauen. Mir sinn eis eens mat eisen Noperen datt dat doten sech net widderhuelen duerf.
24. D'Kris huet dozou bäigedroen, d'ëffentlecht Bewosstsinn op béide Säite vun der Grenz ze schäerfen, wéi staark déi géigesäiteg Ofhängegkeet wierklech ass. Op kenger anere Plaz ewéi hei, an eiser Groussregioun, gëtt Europa esou am Alldag gelieft an erlieft, an ass Europa esou zesummegeuuss.
25. Déi grenziwwerschreidend Solidaritéit déi mir um Héichpunkt vun der Kris an der Groussregioun erlieft hunn gëllt et elo op en dauerhaft Fundament ze stellen. Déi Kontakter déi an der Kris entstane sinn tëschen den Acteuren um Terrain, mussen mir elo an e feste Kader setzen. Um Niveau vun der Groussregioun gëtt elo un engem gemeinsame Pandemieplang geschafft an dat ass d'Richtung an déi mir mussen goen. Mir müssen och eis „diplomatie de proximité“ oder Nopeschdiplomatie weider ausbaue fir deene Realitéiten an Erwaardunge Rechnung ze droen.
26. Iwwer dës bilateral Foren eraus, ass et awer och ganz wichteg fir d'Koherenz vun eisen diplomateschen Efforten am multilaterale Kader weiderzeféieren. Bilateral a multilateral Zesummenaarbecht, dat sinn déi zwou Säite vun der selwechter

Medail. Ech denken dobäi un d'Potential vum Sommet vun der Groussregioun a senge sëllegen Instanzen an Aarbechtsgruppen, a soen zu dem Punkt besonnesch dem Corinne Cahen Merci fir déi gutt Kollaboratioun.

27. Et gëllt elo zesumme sécherzestellen datt dës Regioun weider an enger Perspektiv vum „Co-Développement“ zesumme wiißt a kann eng Virreiderroll an Europa iwwerhuelen. Dëst ass eis Ambitioun an dorunner schaffe mir zesumme mat allen Verwaltungen.

Europäesch Unioun

Koordinatioun COVID

28. Déi rasant Entwécklung vun der COVID-Pandemie huet och d'Europäesch Unioun engem Stress-Test ënnerzu wéi mir en bis ewell nach net gesinn hunn. Do wou mir iwwer Joerzénge oppe Grenzen haten, Reesfräiheet an Europa, de fräien Transport vu Wueren am Bannemaart, déi selwecht Rechter fir all Bierger – dat war quasi iwwer Nuecht op eemol eriwwer, oder ferm a Fro gestallt.
29. Wéi aus engem laange Wanterschlof sinn nationalstaatlech Reflexer erëm erwächt. Et kann een dat net schéiriede – am Mäerz an Abrëll huet et net gutt ausgesinn an der EU. Dat wat mir zanter Joren als Gewëssheet geholl hunn, war op eemol net méi do. D'Fragilitéit vun der EU gouf eis virun Ae gefouert. Déijéineg déi sech zanter Joer an Dag doriwwer bekloen datt d'EU Institutiounen ze vill Kompetenzen hätten hunn op emol gemierkt datt am Beräich vun der Gesondheet d'Memberstaaten eleng decidéieren an dat no hiren nationale Prioritéiten. Zu wat fir ellenen Zeen esou ee Jiddwereen-fir-sech féiere kann, hu mir jo gesinn.
30. Et huet eng Zäitche gedauert ier mir et fäerdeg bruecht hunn fir d'Kéier ze kréien. Lëtzebuerg huet sech vun Ufank un fir méi eng staark EU-Koordinatioun agesat. Fir eis war vun Ufank u kloer datt mir dëst Kris nëmmen zesumme kenne meeschten. Mir hunn eis onermiddlech dofir agesat fir datt all Kontroll a Measure sech sollt op

dat onbedéngt Néidegt reduzéieren, proportional sinn zur Situatioun, ouni d'Bierger ze diskriminéieren, zum Beispill op Grond vun hirer Nationalitéit.

31. Virun allem hu mir eis op europäeschem Niveau dofir agesat, datt Frontalieren déi a wichtige Beräicher schaffen, wéi zum Beispill dem Gesondheitssecteur, a wichtig Wuere wéi Medikamenter, medezinesch Apparater a Schutzrüstung, an natierlech och lesswueren, net dierfen op de Grenze blockéiert ginn.
32. Zanter e puer Wochen ass de Virus elo erëm massiv zréck, nach méi massiv ewéi Ugangs vum Joer. Mee wa mir elo keng zoue Grenze méi hunn, wann de Bannemaart eis erëm versuergt mat allem wat mir brauchen, a wa kee sech muss rechtfäerdege wéinst sengem Pass oder senger Hierkonft, dann ass dat och wéinst dem Asaz dee Lëtzebuerg, mat senger Partner, zanter dem Ufank vun dëser Kris gelescht huet.
33. Op EU-Niveau hu mir et an Tëschenzäit fäerdeg bruecht eng gewësse Koordinatioun op d'Been ze stelle fir zesumme géint de Virus unzekämpfen. D'Kommissioun huet hëllefträich Virschléi gemaach a ville Beräicher, sief et d'Frontalieren, den Transport vu Wueren, d'Baussegrenzen, d'Beschafe vun engem Impfstoff, an d'EU-intern Koordinatioun vu Mesuren.
34. Ganz wichtig fir de wirtschaftlechen Impakt vun dëser Kris ze bewältegen, ass d'Aféierung vum Opbauinstrument „Next Generation EU“ (750 Milliarden EUR) deen un de nächste Finanzkader, also den EU-Budget fir d'Joren 2021 bis 2027 (1.074 Milliarden EUR) gekoppelt ass. D'EU-Kommissioun wäert do am Numm vun deene 27 Suen op den internationale Marchéë kenne léine goen, fir se an d'Relance vun der Wirtschaft z'investéieren. Dat ass en historesche Schrack no vir an der europäescher Integratioun. Et gëllt elo sécherzestellen datt déi Suen esou séier an esou gutt ewéi méiglech kënnen agesat ginn.
35. Wat d'Evaluatioun vun der Situatioun an deene jeeweilige Länner ugeet, hu mir eis dofir agesat datt eenheetlech Krittären an alle Memberstaaten sollen applizéiert ginn, an datt do och eis ëmfangräich Test-Strategie berécksiichtegt gëtt. Do hu mir misse vill Iwwerzeegungsaarbecht leeschte bei der Kommissioun an dem ECDC,

mee de Message ass mëttlerweil ukomm, an och sou vum Europäesche Rot akzeptéiert.

36. D'Memberstaaten sinn sech och gréissten Deels eens, fir eenheetlech Reegelen anzeféieren wat d'Arebeschränkungen aus Drëttlänner betrëfft. Wann d'Bausegrenze méi streng kontrolléiert ginn, soll dëst dozou bäidroen datt een innerhalb vum Schengen-Raum méi Fräiheete ka garantéieren. De Schengen-Raum ass während dëser Kris schwéier strapazéiert ginn. Mir musse sécherstellen, datt kee bleiwende Schued entsteet fir dëst Kärstéck vun der europäescher Integratioun.
37. Och huet den EU-Ministerrot eng Recommandatioun adoptéiert, an där d'Aschränkungen zur Persounefräizüegekeet gereegelt ginn. Mir hätten eis gewünscht datt mir op EU-Niveau méi däitlech festgehalten hätte wéi ee genau dëst fundamentaalt EU-Recht sollt oprechterhalen. Do ass also nach weider Aarbecht néideg.
38. Mee wat soll Europa aus dëser beispilloser Kris léieren? Krise sinn och ëmmer Opportunitéiten an d'Europäesch Unioun huet bis ewell aus all Kris hier Lektione gezunn a war duerno méi staark ewéi virdrun. D'Kris ass natierlech net eriwwer, an et wäert nach eng Zäit dauere bis datt mir dat dote verschafft hunn. Et kann een awer schonns folgend fënnef Enseignement zéien:
 39. (1) Mir mussen eis als EU Gedanken doriwwer maache wéi mir mat anere Länner weltwäit e besseren Dialog kënnen opstelle wat d'Ëffentlech Gesondheet betrëfft. De COVID ass net den éischte geféierleche Virus deen an de leschte Joren opgedaucht ass, a wann een den Experten nolauschtert och net dee leschten. Mir mussen iwwer Ëmweltschutz schwätzen, iwwer den Agrëff vum Mënsch an d'Natur, iwwert d'Regulatioun vun der Liewensmëttelketten, iwwert weltwäit Fréiwarnsystemer fir Krankheeten.
 40. (2) An der EU brauche mir eng méi enk Koordinéierung an de Mandat vum Europäeschen Zentrum fir d'Präventioun an d'Kontroll vu Krankheeten, dem ECDC, muss op de Leescht geholl ginn. Et gëllt do dat néidegt Personal ze hunn an och déi néideg finanziell Ressourcen. Och iwwert d'Schafung vun enger europäescher

Struktur fir Fuerschung a medezinesch Entwécklung (BARDA) wäert ee musse schwätzen. Mir brauchen allgemeng méi Gelder fir d'Fuerschung am Beräich vun den iwwerdrobare Krankheeten.

41. (3) Tëschent de Memberstaaten gouf et eng Rei vu konkrete Solidaritéitsmesuren, wéi d'Opnam vu COVID-Patienten an d'Verdeelung vu Schutzmaterial. Déi Solidaritéit ass aus der Nout entstanen, an ad hoc ëmgesat ginn. Hei misste mer, no der Kris, deen néidege Kader dofir schaffe fir datt Memberstaate sech a Krisesituatiounen méi effikass kënnen ënnerstëtzen.
42. (4) Et ass ewell jiddwerengem kloer ginn datt de Gesondheitssecteur eng Kompetenz vun de Memberstaaten ass. Wéi mir gesinn hunn, kenne Krankheeten awer keng national Grenzen. Firwat soll e COVID-Test deen an engem Memberstaat gemaach gouf an engem aneren net akzeptéiert ginn? Firwat huet all Memberstaat aner Dispositiounen iwwert d'Quarantän, d'Kontaktzréckverfolgung, zu den Deplacementer, zum Confinement, etc? Natierlech musse Mesuren ëmmer der jeeweileger Situatioun an enger Region ugepasst sinn. Mee et ass fir de Bierger schwéier nozevollzéien, fir wat et op enger Säit vun der Grenz esou ass, an op der anerer Säit anescht, obwuel déi epidemiologesch Situatioun déi selwecht ass!
43. (5) Mir mussen d'Konzept vun de Grenzcommunitéite méi staark op europäeschem Niveau verankeren. Europa gëtt an enger Grenzregion anescht gelieft wéi matten an engem Flächestaat. Do si Communitéiten zesumme gewuess iwwer Joerzénge, op wirtschaftlech an op mënschlech Plang. Lëtzebuerg wäert sech dofir asetzen datt dës Realitéiten op EU-Niveau besser protegéiert ginn.

Rechtsstaat

44. D'COVID-Kris huet d'Europäesch Unioun, iwwert Grenz- a Kompetenzfroen eraus, op eng schwéier Prouf gestalt. An sëllege Länner gouf et lieweg Diskussiounen doriwwer wéi en trotz enger Kris kann de rechtsstaatleche Prinzippien trei bleiwen an eis Wäerter héichhalen.

45. D'Wärter vun der EU sinn am zweeten Artikel vum Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun festgehalten. Si mussen eis och an enger Kris guidéieren a duerfen do net einfach ausgeklamert ginn. Mir mussen eis ëmmer nees op e Neits fir de Respekt vum Rechtsstaat asetzen, fir datt d'Basis, op där eis Unioun gebaut ginn ass, erhale bleift.
46. Et muss een sech bewosst sinn, datt d'Fundament vun der europäescher Zesummenaarbecht a Fro gestallt gëtt, soubal d'Vertrauen an de Justizsystem vun engem anere Memberstaat verluere geet. Dëse Problem geet wäit iwwert de Kader vum Bannemaart eraus, an dofir mussen d'Kommissioun, de Rot, d'Parlament, de Geriichtshaff a mir alleguerten hei eis Verantwortung iwwerhuelen.
47. Wat am Fong eng Selbstverständlechkeet sollt sinn ass et leider net méi, an dat schonns virun der COVID-Kris. Géint zwee Memberstaaten huet missen eng sougenannten Artikel 7-Prozedur iwwert de Schutz vun der Rechtsstaatlechkeet ageleet ginn. Och de Geriichtshaff vun der Europäescher Unioun huet sech der Situatioun missen unhuelen.
48. Wéinst där bedenklicher Entwécklung am Beräich vun der Rechtsstaatlechkeet mussen mir sécherstellen datt d'EU-Fördergelder och esou genotzt gi wéi dat virgesinn ass. Och hei ass dat wat laang eng Selbstverständlechkeet war, op eemol a Fro gestallt.
49. Duerfir huet d'EU am Juli fir déi éischte Kéier ee Konditionalitéits-Regimm am Kader vum EU-Budget an dem Plang fir déi wirtschaftlech Erhuelung virgesinn. Lëtzebuerg huet sech fir en effikasse Mechanismus agesat an dee muss elo Realitéit ginn, als Deel vun engem EU-Budget dee méiglechst séier muss gestëmmt ginn. De Kompromëss, deen elo mam Europaparlament fonnt ginn ass, erlaabt genee dat: a Fäll wou d'Rechtsstaatlechkeet an engem Memberstaat net méi garantéiert ass an d'zerguttstert Gestiou vun den EU-Mëttel oder de Schutz vun de finanziellen Interessie vun der EU a Fro gestallt ass, kann d'Kommissioun an Zukunft eng Suspensioun vun de Payementer un dee Memberstaat virschloen. De Ministerrot kann dann esou eng Decisioun mat qualifizierter Majoritéit huelen, wat eis erlabe sollt, hei handlungsfäeg ze sinn. Dëst ass dat, fir wat mir eis agesat hunn: EU-Mëttel gëtt et nëmmen, wann sech och un EU-Regelen a Wäerter gehale gëtt. Mir

wäerten an den nächsten Deeg gesinn, wéiwäit Polen an Ungarn goe wëlle fir hir Oppositoun géint e Rechtsstaatlechkeetsmechanismus ze driiwen.

50. A Punkto Rechtsstaatlechkeet kann een sech als Europäer net wuel fille wann de Premierminister vu Slowenien, aus heiterem Himmel, als Solist dem Här Trump seng Ausso ënnerstëtzt datt hien d'Walen an den USA gewonnen hätt, ier Milliounen vu Stëmmen iwwerhaupt ausgezielt waren. Dat ass net eleng en Zeeche vu falscher Solidaritéit zum falsche Moment, mee et weist datt et an der EU Regierunge gëtt, déi d'Einmaleins vun den demokratesche Basisreegelen einfach bewusst ignoréieren. Dëst si Kollateralschied vun enger sougenannter „illiberaler“ Ausleeung vun de Basisreegelen am Rechtsstaat. Dat ass am Fong der EU onwierdeg.
51. Onwierdeg ass och d'Entwécklung a Polen a Saachen Avortement. Honnerttausenden, virun allem Fraen déi op d'Strooss ginn, wëllen sech net bidde loossen datt dem Här Kaczynski, dem Präsidant vun „Droit et Justice“, seng Partei zesumme mat reaktionär Mouvementer de Fraen d'Recht well huelen, ënner allen Ëmstänn, esouguer bei engem Viol, iwwert hire Kierper kënnen ze bestëmmen. Esou Entwécklungen, gekoppelt mat Attacke géint d'LGBT-Communautéit, passen net an d'21. Joerhonnert op dësem Kontinent.
52. D'Karolina Markiewicz, Enseignante an Artistin mat polneschen Originne schreift de leschte Freideg am Land : « *Au cœur de cette vision se trouvent les femmes polonaises : des mères, des épouses, des sœurs. Ainsi les défenseuses des droits des femmes sont décrites comme de dangereux agents de la propagande libérale occidentale* ».
53. Dat muss eis ze denke ginn !
54. „Die Zukunft der Demokratie beginnt nicht damit, sie anderen zu erklären, sondern sie bei uns selbst weiterzuentwickeln“, schreift den däitsche Bundespräsident Frank-Walter Steinmeier ugangs der Woch an engem Zeitungsartikel. An e setzt nach ee Saz dobäi: „Die Zukunft der Demokratie aber ist nicht ohne eine Idee von der Demokratie der Zukunft zu gewinnen.“ Zweek déifgrënneg Sätz, adresséiert un

eis all an der EU déi politesch Verantwortung haut ze droen hunn, fir eise Kanner an Enkelen een demokratescht Europa an der Zukunft ze garantéieren.

Migratioun

55. Och wann de Migratiounsdrock am Kader vun der Pandemie allgemeng nogelooss huet am Verglach zu leschtem Joer, duerfe mir eis näischt virmaachen: dës Entspannung ass nëmme vu kuerzer Dauer. De 15. Oktober hate mir hei am Haus eng Diskussioun iwwert d'europäesch Migratiounspolitik. D'Chamber huet mat enger klorer Majoritéit d'Regierung an hirer europäescher Flüchtlingspolitik ënnerstëtzt. Och wann de Spillraum fir en neit an ambitiéist Migratiounskonzept enk ass, wäert Lëtzebuerg sech dofir asetzen datt mir eng Léisung kréien déi d'Solidaritéit an der EU festschreift. Solidaritéit duerf et net *à la carte* ginn. Och net *à sens unique*.
56. Mir wäerten déi däitsch Presidence ënnerstëtze fir virunzecommen a politesch Virgabe bis Enn dës Joers auszeschaffen.
57. De Migratiounspakt, deen d'Kommissioun presentéiert huet, kann eng Chance si fir eng méi human europäesch Migratiounspolitik, an dës Chance gëllt et ze notzen. D'Dublin-Reglement ass de Kär vum aktuelle Problem. Déi aktuell Reegele sinn ongerecht fir déi EU Memberstaaten déi op de Baussegrenzen dem Migratiounsdrock ausgesat sinn. A wann déi iwwerfuert sinn, da verloossen d'Migranten déi Länner fir an anere Länner eng Asyl demande eranzerechen. D'Reform déi mir verhandele muss d'Besoinen vun alle Memberstaaten respektéieren : d'Areelänner, d'Transitlänner an d'Destinationslänner.
58. Mir brauchen dringend ee méi gerechte System, wou Länner déi Leit um Mier retten oder engem gréisseren Zoufluss ausgesat sinn, sech kënnen op eng previsibel Solidaritéit vun alle Memberstaaten verloossen. Lëtzebuerg eleng kann net de Problem vum Schengen-System léisen. Mir brauchen dofir eng EU-Dimensioun. Lëtzebuerg wäert sech weiderhin dofir asetzen, datt mir e verpflichtende System vu Solidaritéit kréien a besonnesch, datt a leschter Instanz d'EU-Kommissioun ka verpflichtend Zuele fir d'Relokalisatioun proposéieren.

Däitschland, Frankräich, d'Belsch, Holland, Portugal, Irland, Finnland, genee wéi Griicheland, Italien a Malta denken änlech.

59. Lëtzebuerg schwätzt net just vu Solidaritéit, mir praktizéieren se och. Zanter 2018 hu mir 145 Persoune relokaliséiert a reinstalléiert. Proportional gesinn ass dat e konsequenten Effort vun eisem Land. De 16. Oktober hu mir trotz Pandemie nach 14 Refugiéen déi am Niger waren opgeholl. Och wa mir schwéier Zäiten hunn, hëllef mir Leit déi an enger nach méi schwéierer Lag sinn. Während dem Confinement am Fréijoer hu mir och Mannerjäreger op en griicheschen Appell hin opgeholl, an dat als éischt Land an Europa. An Europa musse mir et och fäerdeg bréngen kollektiv Solidaritéit ze weisen. Et geet, an dat gesi mir um traurege Beispill vu Moria. Bis elo sinn 1.362 Persounen opgeholl ginn an et sollen nach weider 4.981 Persoune relokaliséiert ginn aus Griicheland. Et gëtt Engagementer insgesamt fir 6.343 Persounen.
60. D'EU muss an der Lag sinn, hier Bausegrenzen ze schützen. An deem Kontext ass déi lescht Joren de gesamte Grenzschutz opgebessert ginn, dee vun de Memberstaaten an dee vun der Agence Frontex.
61. Hunn sech 2015 nach 1,82 Milliounen Persounen op eise Bausegrenze presentéiert, da waren et der 2019 nach just 142.000. Mat engem solidareschen Effort an der EU misst déi Charge gerecht ze verdeele sinn.
62. Hannert deenen Zuele sti Mënschen. Et ass eis Flicht, jidderee mat Dignitéit ze behandelen an all Eenzelfäll am volle Respekt vum internationalen an EU-Recht ze kucken.
63. Fir de Grenzschutz ginn et konkret Reegelen déi mussen ënnert alen Ëmstänn respektéiert ginn. Sougenannte Push-backs vu Migrante sinn illegal an duerfen net toleréiert ginn. D'EU Kommissioun huet am Migratiounspakt proposéiert e Monitoring-Mechanismus ze schaffen fir d'Pushbacks. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dofir och d'Propositioun datt an Zukunft d'europäesch Agentur fir Grondrechter d'Aktiounen vun de Grenzbeamten um Terrain kontrolléiert.

64. Eis Regierung geet engagiert an d'Verhandlungen iwwert de Migratiounspakt eran. Mir brauche Resultater fir eng méi human an effikass europäesch Migratiounspolitik. De Problem ass net d'Migratioun, mee eis Gestoun dovun.

Relatiounen EU-UK

65. Zanter dem 1. Februar ass d'Vereenegt Kinnekräich kee Member méi vun der EU, mee et bleift nach bis den 31. Dezember Deel vum EU-Bannemaart an der Zollunioun. No deem Datum wäerte grouss Ännerunge kommen, ob mir en Accord zu eisen zukünftege Relatiounen fannen, oder net.

66. D'Austrëttsafkommes tëschent der EU a Groussbritannien bleift de beschten an eenzege Wee fir de Friden op der irescher Insel an de Bannemaart ze schützen. Dëst Ofkommes muss respektéiert ginn an dëst gëllt et sécherstellen.

67. Lëtzebuerg setzt sech zanter dem Ufank vun de Verhandlungen fir eng ambitionéiert Relatioun tëschent der EU a Groussbritannien an. D'Vereenegt Kinnekräich wäert och weiderhi fir eis e wichtige Partner bleiwen, besonnesch am Beräich vun den Déngschtleeschungen an natierlech am Finanzberäich. An ville Beräicher wäerte mir weiderhin enk zesumme schaffen, ebe just an engem anere Kader.

68. D'Verhandlungen iwwert déi zukünftege Relatiounen tëschent der EU a Groussbritannien bléiwe weiderhi komplizéiert a mir sinn elo an der decisiver Phas. D'Zil ass a bléift et fir an deenen nächsten Deeg a Wochen eng fir all Säit akzeptabel Léisung ze fannen.

69. Mee nach hu mir keen Ofkommes virleien, an en „no-deal“ Zenario kënne mir net ausschléissen. Dëst hätt wäitreechend Konsequenze fir d'Bierger an d'Wirtschaftsacteuren. An Zäiten an deenen ons Wirtschaft, souwuel an der EU wéi och a Groussbritannien, schwéier ënnert de Konsequenze vun der COVID-Kris ze leiden huet, ass et ëmsou méi wichteg dass mir dëst verhënnere kënnen.

70. Onofhängeg vum Ausgang vun den Negociatiounen wäerten den 1. Januar 2021 Verännerungen op ons Bierger a Betriber zoukommen. Ech wëll dat nach emol ënnersträichen: och wa mir en Accord aushandelen, verléisst d'Vereenegt

Kinnekräich de 1. Januar de Bannemaart an d'Zollunioun, wouduerch automatesch nei Barrièren am Wueren- an Déngschtleeschungsverkéier entstinn. Sou wäerten zum Beispill zousätzlech Douaneskontrollen ufalen, mir wäerten zwee verschidde Kontrollregimer hunn, an déi grenziwwerschreidend Mobilitéit vun onse Biergerinnen a Bierger wäert beaflosst ginn.

71. Souwuel um nationale Plang ewéi och um Niveau vun der EU hu mir dofir Efforten ënnerholl fir all déi concernéiert Acteuren ob déi déifgräifend Changementer opmierksam ze maachen.
72. De Bierger kënt bei dësem Dossier natierlech eng besonnesch Wichtigkeet zou an hier Rechter sinn och kloer am Austrëttsafkommes festgehalten. Ech si frou dass mir den iwwer 4 Milliounen Leit – EU Bierger am Vereenegte Kinnekräich a Briten an der EU – Kloeerheet konnte gi wat hir Rechter betrëfft.
73. Fir de britesche Bierger hei zu Lëtzebuerg ze erméiglechen hiert Liewen esou wäit dat méiglech ass wéi bis haut kënne weiderzeféieren huet den Ausseministère schonn am Juli als eent vun den éischten europäesche Länner d'Prozedur gestart, déi et hinnen erlaabt, hiert neit Residenzdokument unzefroen an domadder hier Rechter ofzesécheren.
74. 2021 wäert sécherlech en Neufank an onse Relatioun mam Vereenegte Kinnekräich markéieren, mee Groussbritannien wäert och an Zukunft en enke Partner vu Lëtzebuerg an der EU bleiwen. Den Defi vun den nächste Jore wäert also doranner leien, duerch Rechter an Obligatiounen eng equilibréiert an nohalteg Relatioun sécherzestellen.
75. Aus enger manner technescher Siicht gekuckt ass a bleift de Brexit, deen op den 23. Juni 2016 zrëckgeet, also sechs Méint virun der Wal vum Här Trump, eppes wat Europa als Kontinent politesch schwächt. D'Unioun huet eng „Masterpiece“, politesch, ekonomesch, a kulturell gesinn, verluer. Mam ale President vun den USA ass ee ferventen an aggressive Verfechter vum Brexit aus dem Spill. E Fait deen de Premierminister an d'Regierung vu Groussbritannien sollte bedenken. Si sollten net weider pokeren, weder mat deem wat ofgemaach ass, nach mat deem wat bis Enn dës Joers stoe soll fir d'Zukunft. Seriö a Rationalitéit géifen UK an der EU gutt doen.

EU-Agenda fir de Klima

76. Och wa mir an deene leschte Méint am Krisemodus geschafft hunn, heescht dat natierlech net dass eis Prioritéiten déi mir virun der COVID-Pandemie haten op eemol net méi aktuell wieren. Am Géigendeel.
77. De Klimawandel bleibt eng vun de gréissten Erausforderunge weltwäit. Fir di global Temperatur-Erhéijung nach kënnen op 1,5°C ze limitéieren huet d'EU leschten Dezember decidéiert, bis spéitstens 2050 klimaneutral ze sinn.
78. Lëtzebuerg setzt sech an datt mir an der EU d'Klima-Zil fir 2030 erhéijen – an dat nach dëst Joer. An zwar verdeedege mir zur Zäit am Rot, de Sprong ze maache vun onsem alen Zil vu wéinstens -40% erop op en ajustéiert Zil vu wéinstens -55%. Mir müssen dëst virum Enn vun 2020 maachen, well mir eis méi ambitionéiert Contributioun – dat heescht ons sougenannte „Contribution déterminée au niveau national“ – der UN Klima-Kaderkonventioun, entspreichend dem Paräisser Accord müssen notifiéieren. D'EU mécht dat kollektiv. Dëst ass en extrem wichtige Moment an der Ëmsetzung vum Paräisser Accord an entscheidend fir seng Zukunft a Wierkung.
79. Mam Green Deal huet d'Europäesch Kommissioun en ambitiöse Plang presentéiert fir ons en adequate Kader ze ginn. De Finanzkader 2021-2027 an den „Next Generation EU“ müssen elo genotzt ginn, fir datt se gläichzäiteg der Relance am Kontext vun der COVID-Kris souwéi onser Aktioun géint d'Ëmwelt- a Klima-Kris déngen.
80. Eng verstärkt Klima-Diplomatie vun der EU soll weider dozou bäidroen, esou fréi wéi méiglech esou vill wéi méiglech vun de „Groussen Emetteuren“ mat u Bord ze kréien. Rezent Annoncë vu Kanada, China, Südafrika, Südkorea oder Japan, déi sech och héich Ambitioune setzen, weisen dass d'EU inspiréiert an dass de Klimawandel och während der Pandemie eng vun eise gréisste Prioritéite bleibt.

Zukunft vun Europa

81. Eis bleift et wichteg datt d'Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa esou breet ewéi méiglech geféiert gëtt. An der COVID-Kris hu mir gemierkt wéi wichteg et ass, op eis europäesch Partner kënnen ze zielen, a wéi wichteg eng EU ass. Natierlech ass net alles perfekt an et gi sécherlech eng sëllege Punkten déi ee verbessere kann. Am Februar hu mir hei an der Chamber zesummen iwwert d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa geschwat. Lëtzebuerg huet net op déi Initiative gewaart fir den Dialog mat de Bierger iwwert Europa weiderzeféieren. Nom Erfolleg vun de Biergerforen huet d'Regierung an hirem Koalitiounsaccord zréckbehalen, d'Debatt iwwert Europa hei nach méi intensiv weiderzeféiere fir doduercher d'Konzept vun der participativer Demokratie weider virunzebréngen.
82. Demokratie muss weider gestärkt ginn. Well d'Consultatioun vum Bierger e Prozess ass, dee fléissend ass, an och reegelméisseg alimentéiert muss ginn, hu mir d'Initiativ vun dëser Konferenz vun Ufank un ënnerstëtzt.
83. D'Bierger wäerten hir Erwaardungen un Europa zu engem groussen Deel am Kontext vun der COVID-Kris presentéiere. Dat ass verständlech, et ass de Sujet deen eis all beschäftegt. Zäitgläich musse mir awer och oppasse keng onrealistesche Erwaardungen ze schafen, déi herno net kënnen erfëllt ginn.
84. D'Fro stellt sech och wéi mir d'Konferenz ënnert den aktuelle Konditiounen sollen organiséieren. Eng virtuell Plattform bitt sech un, mee et kann een sech froen ob dat esou duer goe wäert. Mir waarden do op Propose vun den Institutiounen a sinn oppe fir all gutt Iddi.

Erweiderung

85. De westleche Balkan – Albanien, Bosnien-Herzegowina, Kosovo, Montenegro, Nord-Mazedonien a Serbien – ass een Deel vun Europa. Si hunn zanter 2003 eng Bäitrittsperspektiv un där mir festhalen mussen, och wann Verschiddenen de Rapprochement vun deene Länner un eis Valeuren a Standarden net séier genuch geet.

86. Mir müssen deene Länner Zäit loosse fir hier schwéier Vergaangenheet opzeschaffen an hier Wonnen ze heelen. Sie brauchen Zäit well mir vun hinnen déifgräifend Reformen erwaarden déi all d'Beräicher an deene Länner beaflossen. Hei ginn et kloer Critèren ze respektéieren, virun allem am Beräich vun der Rechtsstaatlechkeet, der Onofhängegkeet vun der Justiz an de Kampf géint Korruptioun an d'organiséiert Verbrechen. D'Vitesse mat där dës Reformen ëmgesat ginn, wäert festleeë wéi séier dës Länner kënnen an der EU opgeholl ginn.
87. Lëtzebuerg wäert déi sechs Balkanlänner och weiderhi begleeden op dësem knubbelege Wee, virun allem duerch eis technesch Ënnerstützungsprogrammer an de jeeweilege Länner.
88. De westleche Balkan ka sech nëmme weider stäerken duerch eng renforcéiert regional Kooperatioun fir och esou de jonke Leit eng Perspektiv kënnen ze ginn.
89. Mir schaffen drun datt nieft Montenegro a Serbien, wou näischt einfach ass, och d'Bäitrettsverhandlung mat Nordmazedonien an Albanien geschwënn kënne lancéiert ginn.

Tierkei

90. Leider ass d'Situatioun an der Tierkei eng ganz aner. Wa vill Länner – net all – vum westleche Balkan sech a Richtung EU orientéieren, esou ass et e Fait, datt d'Tierkei duerch hier Aktiounen a leschter Zäit sech vun der EU ewechdréit.
91. Wéi de leschten Erweiderungsrapport vun der Kommissioun beleet, huet d'Tierkei eng Rei Moosname geholl, déi a Saache Mënscherechter a Rechtsstaatlechkeet net an Aklang ze bréngen si mat de Kopenhagener Critèren. Dëst huet ënner anerem dozou gefouert datt d'Bäitrettsverhandlung mat der Tierkei komplett zum Stoe komm sinn.
92. D'EU war oppen ënnert verschidde Konditiounen eng positiv politesch Agenda ze lancéieren an un engem Redynamiséiere vun där Agenda ze schaffen. Leider sinn d'Signaler absolut net encourageant, mee carrement enttäuschend.

93. Am ëstleche Mëttelmierraum kann et nëmmen eng diplomatesch Léisung ginn duerch den Dialog. D'Tierkei, Griicheland an Zypern mussen sech ronderëm een Dësch setzen an eng Léisung fannen duerch den Dialog.
94. Den Dialog, deen am Kader vun der däitscher Mediatioun organiséiert gëtt, muss weidergefouert ginn, sou datt d'Aarbechten u Léisunge fir all betraffe Parteien – Zyprioten, Griichen an Tierken – kënnen ufänken. De Wee bis eng konkret Léisung fonnt ass wäert laang a schwierig sinn. Wéi dir wësst ass d'Ofgrenzung vun exklusiv wirtschaftlechen Zonen eng ganz schwierig Fro.
95. Et ass eis besonnesch wichteg datt d'international Recht respektéiert gëtt, am Aklang mat dem Prinzip vu gudden Nopeschbeziéungen.
96. Net nëmmen an der Migratiounsfro ass Solidaritéit wichteg, mee och an dësem Kontext. Lëtzebuerg bleift solidaresch mat Zypern a Griicheland wat de Respekt fir hir Souveränitéit a souverän Rechter ugeet. D'Tierkei an hire President stinn net iwwert an och net nieft dem internationale Recht.

Handelspolitik

97. D'Pandemie huet net nëmme gewise wéi wichteg eng effikass Handelspolitik ass, mee och de Fokus op d'géigesäiteg Ofhängegkeet am internationalen Handelssystem gelenkt an d'Fragilitéit vun eise Versuergungskette blouss gestallt, net nëmmen international mee och am Kontext vum Bannemaart. Lëtzebuerg ass déi oppenst Ekonomie vun der Welt a mir hunn net nëmmen eis Plaz am internationalen Handelssystem fonnt, mee och an den internationale Logistikketten, wat mir an der Kris jo konnten ënner Beweis stellen.
98. Och hu mir bewisen datt et esouguer um Héichpunkt vun der Kris ëmmer méiglech war déi iwwerliewenswichtig Produiten déi mir gebraucht hunn, virun allem am medezinesche Beräich, um internationale Marché anzekafen an op Lëtzebuerg ze bréngen. Net nëmme fir eis, mee och fir eng sëllegen aner Länner deene mir esou konnten hëllefen.

99. An dach huet de COVID-19 d'Fragilitéit vun eise Versuergungskette blouss gestallt. Mir mussen also eng Diskussioun féieren iwwert d'Diversifizéierung vun de Produktiouns- a Liwwerketten.
100. Virun allem mussen mir awer eng Diskussioun féiere wéi mir déi europäesch Wirtschaft an eis Industrie méi resilient a weltwäit nach méi konkurrenzfähig maache kennen, an dëst an de verschiddenste Beräicher.
101. Als Minister dee verantwortlech ass fir den internationalen Handel hunn ech an de leschte Méint dozou opgeruff, eis Gedanken net nëmmen op eis Bedierfnesser fir medezinesch Geräter, Medikamenter oder perséinlech Schutzausrüstung ze konzentréieren, mee fir och eng strategesch Dimensioun an d'Debatt ze bréngen. An deem Kontext bleiwe mir der Meenung datt d'Stolindustrie eng strategesch Wichtigkeet fir Europa huet an datt d'Europäesch Unioun all déi néideg Hiewelusetze muss fir d'Hemorragie ze stoppen déi dëse Sektour zanter Joren erlieft.
102. Lëtzebuerg setzt sech fir eng equilibréiert an transparent Handelspolitik an. Mir hunn erreecht datt d'Verhandlungen tëschent der EU an Drëttstaaten méi transparent gi sinn, an dat Verhandlungsmandater ewell verëffentlecht ginn.
103. Mir hunn et also fäerdeg bruecht an der EU-Handelspolitik en Ëmdenken ze bréngen an eisen Handelsbeziéunge mat Drëttstaaten. Dat kann an engem Kontext vun internationalen Accorden natierlech keng Revolutioun sinn, mee eng Evolutioun. Ech verstinn datt et Verschiddenen hei net séier genuch geet, mee et ginn international Engagementer déi een net vun haut op muer iwwert de Koup geheie kann.
104. Esou en Dossier ass de fäerdeg verhandelten Accord mam Mercosur. Zanter dem Unhuele vum Mandat am Joer 1999 huet d'Welt geännert, an deem muss Rechnung gedroe ginn. D'Lëtzebuurger Regierung war eng vun deenen éischten an der EU déi hei eng kloer Positioun geholl huet. Mir brauchen hei konkret Engagementer, virun allem vu Brasilien, fir géint de Klimawandel an d'Ofholze vun de Bëscher virzegoen, ier mir dëst Ofkommen kënnen ofschléissen. Déi aktuell Dispositiounen am Accord ginn net duer fir konkret Changementer sécherzestelle géintwärtig vun enger Regierung déi net prett ass, fir déi wichtegst Accorden am

Beräich vum Ëmweltschutz an dem Klima, virun allem de Paräisser Klima-Accord ze respektéieren. Dorunner gëtt elo vun der Kommissioun geschafft. Mir analyséieren dat wat eventuell erauskënnt ganz genee.

105. Dësen Dossier weist wéi e Land wéi Lëtzebuerg kann Akzenter op EU-Niveau setzen, dëst an engem enken Austausch mat der Zivilgesellschaft.
106. Gläichzäiteg sinn ech mir awer och bewusst datt Verschiddener och e verbessert Ofkommens wäerten ofleenen, well et fir si besser wär guer keen Accord ze hunn wéi en Accord ze ënnerstëtzen, deen aus hirer Siicht net wäit genuch geet. Mee hei muss een sech d'Fro stellen ob et net an eisem strategeschen Interêt ass duerch Kooperatioun d'Politik an dëse Länner positiv ze beaflossen, mam Risiko, wa mir et net maachen, datt aner Partner, di manner exigent sinn a manner op nohalteg Entwécklung oppassen, eis Plaz hei anhuelen. Ass et net an eisem Interêt eng Handelsbeziung opzebauen déi d'Grënnung vun nohaltegen Exportfilière an Drëttlänner favoriséiert wéi och de Respekt am Ausland vun eisen Normen an eise Standarden? Um Enn geet et drëms sécherstellen datt d'EU och muer nach hier Partner iwwerzeege kann hier héich Standarden ze iwwerhuelen.
107. D'Wichtigkeet vun engem enken Austausch mat de Bierger iwwert eis Handelspolitik ass och der Kommissioun bewusst. Duerfir ass en breede Konsultatiounsexercice iwwert d'Bewäertung vun der Handelspolitik vun der Unioun lancéiert ginn. Mir brauchen hei eng éierlech an oppen Debatt iwwert d'Zukunft vun der Handelspolitik. Ech sinn zouversichtlech datt d'Resultater vun dësem demokrateschen Exercice eis erlabe wäert der lokaler, regionaler oder europäescher Produktioun en neie Stellewäert ze ginn, fir méi kuerz Weeër anzeféieren an och e gewësse Grad un Onofhängegkeet ze erreechen.
108. Déi aktuell Debatt ëm d'Zukunft vun der Handelspolitik presentéiert also eng reell Opportunitéit fir Saachen nei auszebalancéieren. An dësem Kontext wäert eis Opmierksamkeet sech och op d'Fro vun der Oppenheet vum Bannemaart musse fokusséieren. De Bannemaart ass op fir Firmen aus enge sëllegen Drëttlänner, déi dacks eisen eegene Firmen den Zougang awer schwéier maachen. Ganz dacks gëtt d'Kompetitioun am Bannemaart och verfälscht well auslännesch Firmen doheem Subventiounen kréie fir bei eis méi kompetitiv ze ginn. Duerfir ënnerstëtze mir

d'Aarbecht vun der Kommissioun fir esou Mëssbräich op en Enn ze bréngen an d'Handelsbeziunge mat Drëttlänner méi fair ze gestalten.

109. Duerfir ënnerstëtze mir och d'Entwécklung vum sougenannte Grenzupassungsmechanismus fir eng méi staark a verbindlech Konditionéierung vun den Ëmwelt- a Klima-Aspekter an der globaler Handelspolitik z'erméiglechen.
110. Mir wäerten och d'Analyse vun den auslänneschen Direktinvestitiounen hei zu Lëtzebuerg op eng nei Basis stellen. Zesumme mat de concernéierte Ministère schaffe mir am Ament un der Ëmsetzung vun der europäescher Reegelung iwwert de Screening vun direkten Investitiounen. D'Regierung wäert geschwënn hire Gesetzesprojet presentéieren, deen op där enger Säit d'Attraktivitéit vum Lëtzebuerger Standuert garantéiert an op der anerer Säit eis e Kader gëtt fir Direktinvestissemter di ausserhalb vun der EU kommen an di en Impakt op eis Sécherheet kéinten hunn méi genee op de Leescht ze huelen.
111. Mir setzen och Akzenter an der EU-Handelspolitik wann et ëm di nohalteg Protektioun a Promotioun vun an de Respekt fir d'Mënscherechter geet. Am Dezember d'lescht Joer huet d'Regierung den zweeten nationalen Aktiounsplang fir Entreprises a Mënscherechter ugeholl, deen den Zäitraum 2020 bis 2022 ofdeckt. D'Fro vum sougenannten Devoir de diligence läit eis all um Häerz, an ech weess datt d'Erwaardungen an dësem Beräich héich sinn. Als Europaminister gesinn ech mech voll a ganz a menger Roll wann ech op europäesch Léisunge fir Problemer drängen déi am beschten op europäeschem Niveau adequat geléist kënne ginn. Et geet drëms sécherzestellen, wéi an op wéi engem Niveau een hei kann dee gréisstméiglechen Effekt erzielen. Dat ass wat mir am Ament am Gaange sinn z'analyséieren.
112. Mir sinn der Meenung datt eng Aktioun um europäeschen Niveau eis déi gréisste Kredibilität an Effizienz gëtt fir dëse Sujet international, notamment am Kader vun der UNO, weiderzebréngen. Och sinn ech der Meenung datt de Bannemaart eng Realitéit ass déi mir net kënnen ignoréieren an datt Gesetzer déi de Bannemaart betreffen, am beschten op EU-Niveau diskutéiert ginn. Mee et ass awer esou datt mir e parallele Prozess engagéiert hunn an datt mir eng Etüd vun der Uni

Lëtzebuerg an Opdrag ginn hunn, déi kucke soll, wéi een en nationale gesetzleche Kader kéint gestalten.

113. Wann dës Studie finaliséiert ass, dann ass et un der Regierung, y inclus déi Ministèren déi kompetent si fir de Standuert Lëtzebuerg, an un der Chamber, eng Entscheidung ze treffen, an dëst am Dialog mat de Verrieder vun der Zivilgesellschaft an de Lëtzebuerger Betriber. Esou wéi de Koalitiounsaccord et virgesäit.

Siège-Politik

114. Wann ee Standuert Lëtzebuerg seet, dann denkt een och u Lëtzebuerg als Sëtz vun EU-Institutionen. Eisen Engagement fir den europäesche Projet spigelt sech an eiser aktiver Siège-Politik zréck.

115. Lëtzebuerg ass houfreg drop ee vun den historesche Sëtz vun den EU-Institutionen ze sinn a mir setzen eis all Dag an fir deenen iwver 14.000 EU-Fonctionnairen an Agenten an den europäeschen Institutionen an Agencen zu Lëtzebuerg déi beschten Aarbechts- a Liewensbedingungen ze garantéieren.

116. Mir wäerten eis dofir och weider engagéiere fir datt den Accord Asselborn-Georgieva vun Dezember 2015, dee jo eng Verstärkung vun der Presenz vun der Kommissioun ze Lëtzebuerg, besonnesch ronderëm déi dräi Pilieren – dem juristesche Pilier, dem finanzielle Pilier an dem digitale Pilier – virgesäit, ëmgesat gëtt.

117. Leider gouf et am Fréijoer, wéi dir wësst, an deem Kontext eng net esou positiv Nouvelle: Kommissioun huet, ouni sech virdu mat der Regierung ze concertéieren, Pläng annoncéiert fir CHAFAEA – d'Europäesch Exekutiv-Agence fir Verbraucher, Gesondheet, Landwirtschaft an Ernierung – vu Lëtzebuerg ofzezéien an d'Aktivitéite vun der Agence op Bréissel ze transferéieren.

118. Säit där Annonce, hu mir a ville Gespréicher mat der Kommissioun, sief et mat der Presidentin, der Madame von der Leyen, sief et mat dem zoustännege Kommissär, dem Här Hahn, ëmmer nees de Punkt gemaach datt et dach méi Sënn géif maachen

eng Agence déi säit 15 Joer ze Lëtzebuerg gutt schafft, ze verstärken, wéi se opzebriechen op e puer verschidden Agencen zu Bréissel, besonnesch elo.

119. Ech weess datt Regierung an dëse Bestriewungen op d'Ënnerstëtzung vun der Chamber kann zielen, an dofir soen ech lech villmools Merci.
120. Loosst mech hei awer och ënnersträichen datt d'Attraktivitéit an d'Perennitéit vum Standuert Lëtzebuerg net a Fro gestallt ass. Wéi schonns gesot, schaffen haut iwver 14.000 EU-Fonctionnairen an Agenten zu Lëtzebuerg. Mir konnten och iwver déi lescht 18 Méint zwou nei EU-Agencen, nämlech den Europäesche Parquet an déi Gemeinsam Entreprise fir en Europäeschen Héichleeschtungsrechner (EuroHPC), hei zu Lëtzebuerg empfänken.
121. An net méi spéit ewéi leschte Freideg hu mir formell eis Kandidatur fir de Sëtz vum zukünftigen Europäeschen Kompetenzzentrum fir Cybersécherheet gestallt. Genau wéi den EuroHPC ass dat e Projet dee Recherche an Innovatioun an Europa ënnerstëtzt a vill Kooperatiounsméiglechkeeten offrëiert, och fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft.
122. An deem Sënn wëlle mir weiderschaffen; am Interessi vum Land a vun der Europäescher Unioun.

Iwwer Europa eraus

Här President,

123. No Europa wëll ech op d'Ausriichtung vun eiser Aussepolitik am globalen internationale Kontext agoen.
124. D'COVID-19-Pandemie weist, dass kee Land di global Erausforderungen eleng meeschtere kann. Mir müssen zesammenhalen an zesummeschaffen, och um internationalen Niveau, soss packe mir et net! Dat gëllt och fir de Kampf géint eng aner global Menace, den Terrorismus, dee rezent nees Europa viséiert huet.

125. De Multilateralismus bleibt eng kloer Prioritéit vun eiser Aussepolitik.

UNO, Multilateralismus, Mënscherechter

126. Viru 75 Joer konnt Lëtzebuerg bei der Grënnung vun de Vereenten Natioune seng Plaz als fräit Land an der internationaler Gemeinschaft nees anhuelen.

127. Dës Plaz als fräit an onofhängegt Land bréngt och Responsabilitéite mat sech, a Lëtzebuerg scheid sech net, seng Verantwortung ze droen. Nodeems mir 2012 fir d'éischt an eiser Geschicht als Member vum Weltsécherheitsrot gewielt gi sinn a während eisem Mandat 2013 an 2014 bewisen hunn, dass och Länner wéi Lëtzebuerg eppes am Conseil de sécurité beweegen kënnen, hu mir eng nei Kandidatur fir de Sécherheitsrot fir d'Joren 2031 an 2032 gestallt. Dat ënnermauert eise Wëllen, eise Bäitrag an der UNO fir Friden a Sécherheet ze leeschten.

128. Eise multilateralen Asaz ass och am Déngscht vun de Mënscherechter. 2019-2020, während der 74. Sessioun vun der UNO-Generalversammlung war eise stännege Verrieder bei der UNO zu New York, den Ambassadeur Christian Braun, de President vun der Drëtter Kommissioun, déi d'Mënscherechter an di humanitär Froen ofdeckt. An deem Kontext huet Lëtzebuerg eng innovativ informell Consultatioun tëschent der Drëtter Kommissioun an der Zivilgesellschaft organiséiert, an domat e neien Espace fir den Dialog opgemaach, dee vill ONGen appreciieren.

129. Den Drock op di zivil a politesch Rechter gëtt weltwäit ëmmer méi grouss. Et gëtt ëmmer méi Attacke géint déi organiséiert Zivilgesellschaft a géint Persounen, déi sech asetze fir d'Mënscherechter: Journalisten, Affekoten, Aktivisten – virun allem Frae ginn dacks viséiert.

130. D'lescht Joer hat ech de Fall vun der iranescher Affekotin Nasrin Sotoudeh erwäant. Et ass ze begréissen, dass virun e Puer Deeg d'Madamm Sotoudeh aus hirem Prisong am Iran entlooss gouf fir en Hafturlaub. Mee de globalen Trend bleibt negativ.

131. An deem Kontext huet den Ausseministère mat de betraffene Ministèren an der Zivilgesellschaft Aarbechte lancéiert, fir d'Mënscherechtsverdeedeger méi staark ze ënnerstëtzen. Dat ass och eng vun de Prioritéiten, di mir eis ginn hunn am Kontext vun der Kandidatur vu Lëtzebuerg fir an den UNO-Mënscherechtsrot gewielt ze gi fir d'Joren 2022 bis 2024.
132. Mir schaffe ganz aktiv drun, fir di néideg Ënnerstëtzung ze kréien an de Walen, di am Oktober d'nächst Joer stattfannen. Et wier dat éischt Mandat vu Lëtzebuerg am Mënscherechtsrot zënter senger Grënnung am Joer 2006.
133. Mir wëllen eis do staark maache fir all d'Mënscherechter. Nieft der Ënnerstëtzung fir d'Mënscherechtsverdeedeger a fir d'Rechtsstaatlechkeet huet Lëtzebuerg fir säi Mandat de Kampf fir d'Egalité des genres an de Schutz vu vulnerabele Gruppe viru Gewalt an Diskriminéierung als Prioritéit festgehalten. Dozou gehéiert den Asaz fir d'Rechter vun de Fraen, fir d'Rechter vun de Kanner, an och fir d'Rechter vun den LGBTI-Persounen. Eng aner Prioritéit ass den Asaz fir eng nohalteg Entwécklung, di op de Respekt vun de Mënscherechter baséiert. Lëtzebuerg leescht do säi Bäitrag mat senger Kooperatiounspolitik, di déi wirtschaftlech a sozial Rechter an d'Recht op Entwécklung férdert. Mir wëllen och verstärkt dem Lien tëschent dem Klimawandel an de Mënscherechter Rechnung droen.
134. Den Asaz vu Lëtzebuerg géint de Klimawandel ass essentiell fir eis Zukunft als Land, mee en ass och vital fir d'Mënscherechter vun deene Leit an der Welt ze schützen, déi dem negativen Impakt vun der Klima-Kris ausgesetzt sinn.
135. Mënscherechter sinn e vollwärtigen Deel vun eiser Diplomatie. Dat heescht net, dass mir nëmme mat demokratesche Länner schwätzen. Mir schwätzen a schaffen och mat anere Länner zesummen, am géigesäitege Respekt, ouni Naivitéit, a mir setzen eis och fir d'Mënscherechter an deene Länner an, wuelwëssend, dass och zu Lëtzebuerg an insgesamt an Europa d'Situatioun vun de Mënscherechter net perfekt ass.
136. Eng Aussepolitik déi sech als Prioritéit gëtt, d'Mënscherechter konsequent ze verdeedegen, ass eng Aussepolitik déi sech op déi fundamental Prinzippe vun der

menschlicher Würde an der Gleichheit täuscht alle Menschen konzentriert, am Klang meines Artikel von der Allgemeinen Erklärung der Menschenrechte. Dazu gehört natürlich auch die Gleichheit von Frau und Mann.

137. Die feministische Außenpolitik, zu der die Regierung seit 2018 im Koalitionsabkommen bekannt hat, bedeutet ja, dass mir es systematisch und kohärent ansetzt für die Rechte von Frauen und Mädchen, und hier sexuell und reproduktiv Gesundheit und Rechte, an der ungeschmälert körperlich und geschlechtliche Freiheit. Zu einer feministischen Außenpolitik gehört die Umsetzung des nationalen Aktionsplans für Frauen und Frieden und Sicherheit, im Rahmen der Resolution 1325 des UN-Sicherheitsrats. Diese Resolution ist vor 20 Jahren angenommen worden. Mir wären es auch in den nächsten Jahren bedeuten, für den Bereich Fortschritt zu machen.
138. Der Multilateralismus, die internationale Annäherung steht immer beschlossen, an dem geht es auch um eine bessere Annäherung, für die Probleme von heute zu lösen. Heute mir ist das Beispiel von der Gesundheit. Mir kann es der WHO, der Weltgesundheitsorganisation zu verdanken, dass die Pocken eradiert wurden, nach einer weltweiten Impfkampagne. Die WHO hat gelitten aus dem Ausbruch der viralen Krankheit wie SARS im Jahr 2002-2004 oder Ebola in Westafrika im Jahr 2014 an der hier das Verfahren verbessert. Weitere Verbesserungen sind wünschenswert. Es ist wichtig, dass alle Länder in einem Strang stehen, für das es multilaterale Instrumente gestärkt werden die es können helfen, die Pandemie zu dämpfen.
139. Ich wünsche mir, dass ein neues amerikanisches Regierungsteam von Präsident Biden positive Impulse bringt. Mir kann es sicherlich mein Bewusstsein, wenn die USA seit dem Jahr 2001 mit der WHO und generell mit der UNO kooperieren.
140. Das selbe gilt für den existenziellen Kampf gegen den Klimawandel: hier entsteht auch eine neue Dynamik, wenn die USA die Weisung der Pariser Klimaabkommen.
141. Das Ergebnis von den Präsidentschaftswahlen in den Vereinigten Staaten bringt die Hoffnung, dass der Multilateralismus eine neue Seite von der anderen Seite des Atlantik an der Seegele kritisch.

142. Mee mir Europäer müssen eis Verantwortung och an dësem Beräich iwwerhuelen. An dat hu mir och an de leschte Jore gemaach, ouni op e Wiessel am Wäissen Haus ze waarden.
143. Esou hunn di däitsch a franséisch Ausseministeren d'lescht Joer am September, am Kader vun der UNO-Generalversammlung, d'Allianz fir de Multilateralismus an d'Liewe geruff. Vun Ufank un huet Lëtzebuerg un där Allianz Deel geholl. Mir engagéieren eis dobäi an enger Rei Initiativen, ënner anerem fir dat internationaalt Recht héichzehalen. Mir ënnerstëtzen di wichteg Roll, di d'Cour pénale internationale spillt géint d'Impunitéit fir Krichsverbrieche, Verbrieche géint d'Mënschlechkeet a Genoziden. Mir appreciéieren och d'Aarbecht vun der Cour internationale de Justice, di zum Beispill am Januar dëst Joer wichteg Measure fir de Schutz vun de Rohingya am Myanmar ugeuerdnet huet.
144. Nieft eisem globalen Asaz fir de Multilateralismus ass et och eng Prioritéit vun eiser Aussepolitik, zum Fridden, zur Sécherheet an zur Stabilitéit an der Noperschaft vun der Europäescher Unioun bäizedroen, am Osten souwuel wéi am Süden.

Noperschaft am Osten

145. Nom zéngten Anniversaire vun der Ëstlecher Partnerschaft d'lescht Joer sollte mir eis als Europäesch Unioun nei Prioritéiten ginn, di der jeeweileger Situatioun vun deene sechs Länner an eiser Noperschaft am Osten ugepasst sinn.
146. D'Lag an der Region huet sech allerdéngs dramatesch verschlechtert an de leschte Méint. Am Belarus huet de Regime vum Här Lukaschenko d'Resultat vun de Wale vum 9. August gefälscht. De Regime ënnerdréckt di friddlech Oppositoun mat massiver Gewalt a gebraucht all d'Instrumenter vum Staatsterror, entfériert a foltert Demonstranten. Esou eppes dierft et eigentlech am 21. Joerhonnert an Europa net ginn.
147. Mir hunn als EU geziilt Sanktiounen ugeholl géint di Verantwortlech am Belarus, dorënner och den Här Lukaschenko selwer. Mir ënnerstëtzen di couragéiert Aarbecht vun der Oppositoun an all d'Efforten, fir iwwert den Dialog eng politesch

Léisung ze fannen an de Wee fräizemaache fir nei, fräi a fair Walen, deenen hiert Resultat de Wëlle vun de Bierger am Belarus wäert erëmspigelen.

148. Mir sinn och ganz besuergt iwwert de Konflikt, deen ëm de Nagorno-Karabach tëscht Armenien an Aserbaidschan nei entbrannt ass. Hei gëtt et Rapporten, dass Streebommen zum Asaz komm sinn. Zivilisten an zivil Infrastrukture goufe viséiert. Mercenairen aus Syrien goufen an den Operatiounen agesat.
149. Virgëschter ass en Accord fonnt gi fir eng komplett Wafferou, ënnert der Vermëttlung vum President Putin. Russesch Zaldote ginn an d'Regioun verluecht fir Positioun tëscht de Konfliktparteien ze bezéien. Et kann een nëmmen hoffen, dass domat d'Bluttvergëssen ophält. Et muss een allerdéngs och soen, dass dësen Accord e ganz batteren Nogesmaach fir d'Armenier huet, déi vill Gebidder hu missen ofginn.
150. Wat mech besonnesch schockéiert, dat ass de Fait dass di tierkesch Autoritéiten de Konflikt ugeheizt hunn, anstatt hirer Mediateursroll als Member vum sougenante „Minsk Group“ vun der OSZE gerecht ze ginn. Esou sinn se mat verantwortlech fir Honnerten Doudeger a Zéngtausende Leit op der Flucht. Dat ass en anert Beispill fir di destabiliséierend an aggressiv Aussepolitik, déi d'Tierkei ënnert dem President Erdogan an hirer Noperschaft ausféiert, vu Libyen iwwert d'ëstlech Mëttelmier bis a Syrien an am Kaukasus.
151. De Wiessel am Wäissen Haus wäert dem Här Erdogan net gefalen. Et wier extrem wichteg, dem NATO-Member Tierkei den Dicks ze setzen a kloerzestellen, dass Operatioune wéi am Nagorno-Karabach inakzeptabel sinn.
152. Als Äntwert op di humanitär Kris, déi de Krich ausgeléist huet, ënnerstëtzt Lëtzebuerg di vital Aarbecht vum Internationale Komitee vum Roude Kräiz op der Plaz. Op der diplomatescher Schinn hu mir eis un d'Appelle bedeelegt fir e Waffestëllstand a fir eng Relance vun de Gespréicher, fir de Konflikt tëscht Armenien an Aserbaidschan dauerhaft ze léisen.
153. No der Wal vum President Zelensky an der Ukrain war e bësse Beweegung an de Verhandlung mat Russland komm, fir de Konflikt am Donbass ze léisen. En Enn

vun deem Konflikt ass awer leider nach ëmmer net a Siicht, trotz de Beméiunge vun Däitschland a Frankräich am Normandie-Format, fir an der Ëmsetzung vun de Minsker Accorde virunzecommen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt weiderhin d'territorial Integritéit vun der Ukrain an d'Iwwerwaachungsmissioun vun der OSZE. Op Aluedung vun den ukraineschen Autoritéite wäerte mir mam Premierminister eng gemeinsam Visitt an d'Ukrain ënnerhuelen, wann d'Situatioun et erlaabt.

154. Net nëmmen am Donbass an am Kaukasus, mee a villen anere Brennpunkten op der Welt spillt Russland eng Schlësselroll. Dofir ass et och d'Positioun vu Lëtzebuerg, dass mir den Dialog mat Russland oprecht erhale sollen. An deem Kontext war ech Enn Februar dëst Joer op Aarbechtsvisitt zu Moskau.

155. Mir beméien eis mat Russland zesammenzeschaffen, ouni d'Prinzipie vun der EU an och d'EU-Sanktiounen a Fro ze stellen, di mat der illegaler Annexioun vun der Krim an der Destabiliséierung vun der Ukrain zesammenhänken; an ouni ze vergiessen, op d'Situatioun vun de Mënscherechter a Russland hinzewiesen.

156. De Mordversuch géint den Alexei Navalny mam Nervegëft „Novitchok“ war eng schwéier Verletzung vum Vëlkerrecht. Mir hunn als EU op dëse Gebrauch vun enger chemescher Waff misste reagéieren. Op Virschlag vun Däitschland a Frankräich hu mir Sanktiounen ugeholl. Dat huet zu enger neier Verkrampfung an de Relatiounen tëschent der EU a Russland gefouert. An awer bleift Russland en onëmgänglechen Noper um europäesche Kontinent. Dofir musse mir matenee schwätzen, an aller Kloverheet, sou schwiereg wéi dat och ass, fir à terme nees eng Vertrauensbasis ze schafen. Dat gëllt och fir den Dialog tëschent der NATO a Russland.

Südlech Noperschaft

157. D'Stabilitéit an eiser südlecher Noperschaft hänkt zesumme mat der Situatioun am Sahel. Lëtzebuerg ass staark engagéiert, fir ze hëllef de Sahel ze stabiliséieren, mat der EU an der UNO a mat senge laangjäreg Partnerlänner an der Regioun – Burkina Faso, Mali, Niger – souwéi dem Senegal.

158. D' Lag ass ugespaant. Dat gesäit een un den Attacken, di besonnesch de Burkina Faso säit dem leschte Joer ëmmer méi dacks viséieren. Dat huet een och dëst Joer mam Militär-Putsch vum 18. August am Mali gesinn.
159. D' Kris am Sahel ass multidimensional. Dofir ass et richtig, dass mir weiderhin d' Approche vun den „3D“ uwenden: Diplomatie, Développement an Defense. Eisen Effort fir de Sahel beleeft sech järelech op ronn 100 Milliounen Euro. Den Accent läit op der Entwécklungszesummenaarbecht. D' Sécherheet vun eisen Equippen um Terrain ass natierlech eng Prioritéit fir d' Regierung.
160. Mam Accord vun der Chamber hu mir eisen Engagement fir d' Sécherheet am Sahel gestärkt. D' Lëtzebuerger Arméi deployéiert a Phasen e Kontingent an der militärescher Trainingsmissioun vun der EU am Mali (EUTM Mali). Mir maachen och mat bei der UNO-Stabilisatiounsmissioun am Mali: mir stellen Experten a GovSat-Kapazitéite fir d' Satellitte-Kommunikatioun zur Verfügung, fir de Quartier général vun der MINUSMA mat de regionale Secteure vun der Missioun besser ze vernetzen. Do gesäit ee wéi Lëtzebuerg, am Kader vun enger UNO-Missioun, e wäertvollen, héich spezialiséierte Bäitrag leeschte kann, deen och d' Sécherheet vun de Blohelmer verbessert.
161. Fir op d' Wuerzele vun der Onsécherheet am Sahel ze wierken, begleede mir déi politesch Prozesser mat, déi zur Konfliktléisung kënnen bäidroen. Et geet drëms, d' Rechtsstaatlechkeet, d' Gouvernance an d' Institutionen ze festegen an ze kucken, dass d' Vertrauen tëscht de Bevëlkerungen an de Regierungen an de Sahel-Länner erëm dauerhaft hiergestallt gëtt.
162. Tëschent dem Sahel an Europa leien d' Länner vu Nordafrika. Mir sinn do am Gaang, eis Relatiounen mat zwee Länner haaptsächlech, Marokko an Tunesien, politesch a wirtschaftlech ze verdéiwen.
163. Ee Land wat eis nach ëmmer besonnesch Suerge mécht ass Libyen. Um diplomatesche Plang ginn et kleng Fortschrëtt zanter der Berlin-Konferenz vum 19. Januar. D' lescht Woch gouf et en Accord iwwert praktesch Schrëtt fir de Waffestëllstand a Libyen ëmzesetzen. Mee den UNO-Waffenembargo gëtt net

respektéiert. D'EU-Operatioun Irini, un där Lëtzebuerg sech bedeelegt, soll d'Iwwerwaachung vum Embargo verbesseren.

164. A Libye gëtt et ze vill Waffen an ze vill extern Acteuren. Mir als Europäer mussen alles maachen, fir dass aus Libyen keen zweet Syrie gëtt.

Noen Osten

165. A Syrien bleift d'Lag dramatesch. D'Kämpf gi virun, obwuel et keng militäresch Léisung fir de Krich a Syrie ka ginn. Et ass un der Zäit, dass am Kader vum UNO-Prozess, ënnert der Leedung vum Envoyé spécial Geir Pedersen, den Terrain preparéiert gëtt fir eng politesch Transitioun a Syrien.

166. Déi Responsabel fir déi onzieleg Verbrieche géint d'Mënschheet a Syrien zur Rechenschaft ze zéien, ass eng Prioritéit fir di international Gemeinschaft, an do hëlleft Lëtzebuerg och mat. Mir ënnerstëtzen de Mécanisme International, Impartial et Indépendant vun der UNO fir d'Enquêten iwwert di schlëmmste Verbriechen am Syrie-Krich virunzebréngen an Dossieren opzestellen, di spéiderhin a Gerichtsprozesser kënne benotzt ginn.

167. Mir hëllefem och weiderhin um humanitäre Plang mat engem järelechen Appui vu 7,5 Milliounen Euro, deen ënner anerem dem UNICEF-Programm fir d'Educatioun vun de syresche Flüchtlingkanner an de Nopeschlänner zegutt kënnt.

168. Erlaabt mir och kuerz op di humanitär Katastroph anzegoen, di de Krich am Jemen ausgeléist huet. Iwwert 24 Milliounen Leit, also dräi Véierel vun der Bevëlkerung vum Jemen, sinn op humanitär Hëllef ugewisen. Fraen a Kanner si besonnesch betraff.

169. Och hei ass Lëtzebuerg aktiv, fir der Zivilbevëlkerung ze hëllefem, fir am Mënscherechtsrot de Mandat vun den Experten ze ënnerstëtzen, déi d'Mënscherechtsverletzungen dokumentéieren, a fir eng diplomatesch Léisung vum Konflikt ze encouragéieren.

170. Et kann een net iwwer d'Konflikter an der Regioun schwätzen, ouni di destabiliséierend Roll vum Iran ze ënnersträchen. Loosst mech kloer betounen: mir maachen net d'Aen zou virum Iran senger destruktiver regionaler Politik, an och net virun der brutaler Repressioun a virun de Mënscherechtsverletzungen am Iran, ënnert deenen di reliéis Minoritéite wéi d'Baha'i zum Beispill ganz staark leiden. Ech hunn dem iraneschen Ausseminister nach am Juni e Bréif dozou geschriwwen. Mir hunn an de leschten zwee Joer Baha'i Familljen zu Lëtzebuerg opgeholl, déi zum Deel jorelaang am Prisong waren am Iran wéi och am Jemen.
171. Gläichzäiteg gesi mir ganz kloer, dass d'Politik vum maximalen Drock vu bausse géint den Iran nëmmen zu engem maximale Widderstand féiert. Europa hält weider um Nuklearaccord mam Iran fest: den JCPOA ass a bleift e wichtegt Element fir eis Sécherheet a fir dass keng weider Atombommen an der Regioun entwéckelt ginn.
172. Et kann een d'Regioun vum Noen Osten och net erwänen ouni op de sougenannte Friddensprozess anzegoen. De Fridden tëscht Israel a Palestina ass net a Siicht. De Prozess deen dohinner soll féieren ass scho laang an der Sakgaass. Elo wou en neie President an Amerika gewielt ginn ass, sinn ech awer nees e bëssi méi zouversichtlech, dass mir aus der Sakgaass erauskommen.
173. All Schrack, deen Israel an di arabesch Länner an der Regioun méi no bréngt, ass ze begréissen. Di rezent Accorden tëscht Israel, de Vereenegten Arabeschen Emiraten an dem Bahrain si gutt fir d'Leit aus dese Länner, déi elo fräi kënnen hin an hir reesen a méi einfach Geschäftsbezéiungen opbauen. Di Accorden droen awer net zur Léisung vum Konflikt tëscht Israel a Palestina bäi.
174. D'Palestinenser liewe weider ënnert enger militärescher Occupatioun, déi schonn 53 Joer dauert. Si bleiwen der Menace vun enger Annexioun vun Deeler vum Westjordanland ausgesat. De Premierminister Netanyahu huet jo gesot, dass d'Annexioun vum Jordandall just reportéiert, an net annulléiert ass.
175. Lëtzebuerg ënnerstëtzt weiderhin d'Zwee-Staate Léisung op der Basis vun de Grenze vu 1967, mat Jerusalem als Haaptstad vun Israel a vu Palestina, am Aklang mam internationale Recht. Déi israelesch Siidlungen an de besate Palestinenser-gebidder sinn eng kloer Violatioun vum internationale Recht. Mir verurteelen et

och, wann di israelesch Autoritéite palestinesesch Infrastrukturen zerstéieren, wéi dat nach d'lescht Woch am Norde vum Jordandall passéiert ass. 71 Palestinenser, dorënner 40 Kanner, hunn doduerch hiert Heem verluer.

176. Lëtzebuerg ass fir eng Relance vun den Diskussiounen tëschent béide Säiten. Mir sinn och oppe fir nei Virschléi, esou laang déi legitim Aspiratioune vun den zwou Säite respektéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären,

177. Iwwert d'Noperschaft vun der Europäescher Unioun eraus wëll ech elo op eis strategesch Partnerschaften mat Amerika, mat Asien a mat Afrika agoen. Hei si ganz wichteg Partner fir Lëtzebuerg, politesch gesinn an och am Kontext vun eiser Wirtschaftsdiplomatie.

Amerika

178. D'Bezéiunge mat eisen transatlantesche Partner, mat den USA a mat Kanada, si fir eis vu grousser Wichtigkeet, net nëmmen am Kader vun der NATO, mee och um wirtschaftleche Plang.

179. D'Vereenegt Staaten bleiwen, trotz dem President Trump senger „America First“-Politik, eisen éischten Handelspartner ausserhalb vun Europa, an eis Diplomatie setzt sech dofir an, déi ekonomesch Bezéiunge mat den USA nach weider ze verdéiwen.

180. Mir hunn all d'Presidentschaftswalen an Amerika di lescht Woch ganz opmierksam verfollegt. D'Resultat läit elo vir. D'amerikanescht Vollek huet mat enger klorer Majoritéit fir e Wiessel gestëmmt. D'Walbedeelegung war esou staark wéi nach ni, an dat trotz der Pandemie. An deem schwierige Kontext war den Oflaf vun de Wale remarkabel. D'Walen hunn ouni Zweifel gewisen, wéi standfest di amerikanesch Demokratie ass.

181. Et hat och e staarke Symbolcharakter, dass grad d'Stëmmen aus der Stad Philadelphia am Bundesstaat Pennsylvania, do wou 1787 di amerikanesch

Konstitutioun ënnerschriwwe gouf, den Ausschlag ginn hu fir den Joe Biden. A 70 Deeg wäert den Här Biden säin Eed leeschten als 46. President vun den USA. Den Nach-President Trump géif eng vu senge wéinege gudden Decisiounen huelen, wann hie géif agesinn datt e soll goen.

182. Mam President Joe Biden a mat der Vizepräsidentin Kamala Harris, der éischter Fra an deem Amt, këntt sécherlech nei Energie an eis transatlantesch Partnerschaft. Dat heescht net, dass den 20. Januar d'nächst Joer alles vun engem Dag op deen aneren anescht gött. D'Demokraten hu bis elo nach ëmmer keng Majoritéit am Senat. Den neie President wäert sech am Ufank staark op innepolitesch Sujete konzentréieren, fir d'Amerikaner erëm méi no beieneen ze bréngen no enger Period wou se ëmmer méi ausenaner dividéiert gi sinn. Dat gött sécherlech net einfach.
183. Aussepolitesch betruecht sinn ech awer zouversiichtlech, datt mir als Europäer mat eisen neien US-Partner nees e richtegt Vertrauensverhältnes hierstelle wäerten, an datt mir en Dialog wäerte féiere kënnen, deen eis et erlaabt, och a schwierege Froen, wou mir eis net eens sinn, virunzekommen an zesummenzeschaffen. Dat ass an eisem gemeinsamen Interessi, op et elo em de Klimawandel, den Handel oder d'Sécherheet an d'Ofrëschtung geet. Dobäi wäert et wichteg sinn, dass mir als EU Teamgeescht weisen a méiglechst geschlossen agéieren.
184. An eise bilaterale Relatiounen mat den USA kënne mir op e ganz zolidd Fundament opbauen.
185. An deem Kontext kann een zum Beispill op eis ëmmer méi enk Kooperatioun mat Amerika am Domän vum Weltraum hiweisen, an och op déi wichteg Lien'en an de Beräicher vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien a vun de Fintech. Den Ausseministère wäert sech beméien, dës Lien'en och an Zukunft ze verstärken, zesumme mam Finanzministère a mam Wirtschaftsministère.
186. Wat de Kanada ubelaangt, sou ënnerstëtze mir och ëmmer méi Lëtzebuerger Kleng- a Mëttelbetriber, déi um kanadesche Marché intresséiert sinn, a vum EU-Kanada Handelsofkommes profitéiere wëllen.

187. A Latäinamerika baue mir eisen diplomatesche Reseau aus, fir den Nofroe vun den Acteuren aus der Wirtschaft gerecht ze ginn. An deem Sënn hunn ech leschten Hierscht der Regierung proposéiert, eis Ambassade zu Brasília och am Chile ze akkreditéieren. De Chile ass eisen éischte Partner a Latäinamerika wat d'Echangen am Beräich vun de Servicer ugeet, an d'Land ass vu grousser Bedeitung fir eis Fongenindustrie. Mam Chile hu mir d'läscht Joer och en neien Accord aérien ënnerschriwwen. Mir wënschen dem Chile, nom Referendum vum 25. Oktober 2020, dee vun 79% vun de Leit ënnerstëtzt gouf, dass dat grousst a wichtegt Land deem ganz breede soziale Mouvement an enger neier Verfassung ka Rechnung droen. Dann huet d'Chamber och am Dezember d'lescht Joer eist éischt Steierofkommes mat Argentinie ratifizéiert, wat am Abrëll 2019 ënnerschriwwen ass. Eis Entreprisë weisen groussen Interêt um argentesche Marché, och wann dëst Land den Ament mat ekonomesche Schwierigkeeten ze kämpfen huet.
188. Ech war am November d'lescht Joer a Kolumbien an am Ecuador, wou mir och eng ganz Rei ekonomesch Interêten hunn.
189. Opgrund vu menger Visitt konnte mir mam Ecuador en Accord ënnerschreiwen, fir Lëtzebuerg vun hirer schwaarzer Lëscht a Punkto Steierpolitik erofzehuelen. Domadder dierfte mir elo geschwënn weltwäit op kenger schwaarzer Lëscht méi sinn.
190. A Kolumbie konnt ech mir och e Bild maache vun de Schwierigkeeten, déi déi laangwiereg Kris am Venezuela um regionale Plang ausgeléist huet. Eng grouss Erausforderung ass den Accueil vun de méi wéi 4,5 Milliounen Migranten a Flüchtlingen, déi säit 2015 de Venezuela verlooss hunn. A Kolumbien riskéiert dat och en Impakt op de fragile Friddensprozess ze hunn. Lëtzebuerg bleift engagéiert an hëlleft iwwert den UNHCR, d'UNO-Flüchtlingswierk am Kader vun der regionaler Kris. Mir ënnerstëtzen och weiderhin de Friddensprozess a Kolumbien mat engem Projet, deen d'Justiz fir d'Iwwergangszäit a Kolumbien stäipt.

Asien

191. Et ass kloer: Asien wäert an den nächste Joerzénge ëmmer méi wichteg ginn, um politeschen an och um wirtschaftleche Plang. Lëtzebuerg ass do gutt opgestallt mat

sengem Netz vun Ambassaden a Büroer fir Handel an Investitiounen. Och an de Beräicher Recherche an Innovatioun hu mir weider dru geschafft, fir Lëtzebuerg an Asien ze promovéieren.

192. China ass a bleift e wichtege Partner fir eis an Asien. E gutt Beispill fir eis verstärkten Zesummenaarbecht ass d'Zuchverbindung tëschent der chinesescher Stad Chengdu a Beetebuerg, déi 2019 ageweit gouf. Se diversifizéiert eis Handelsstroosse mat China a mécht se gläichzäiteg méi ëmweltfrëndlech.
193. Mir sinn eis natierlech bewusst, dass China net nëmmen e Partner ass, mee gläichzäiteg e Konkurrent, deen aner Valeuren an eng aner Visioun vun der Weltuerdnung huet, wéi mir. Et ass wichteg, dass di 27 EU-Memberstaaten méiglechst enk zesummenhalen. Nëmmen esou wäerte mir op Aenhéicht en Dialog mat China féiere kënnen, ouni dobäi eis Suerg em de Respekt vun de Mënscherechter ze verschweigen. Am deem Kontext géing ech gäreren ervirhiewen, dass mir reegelméisseg an eise bilaterale Kontakter an och am multilaterale Kader, sief et zu Genève oder zu New York, zesumme mat gläichgesënnte Länner eis Meenung zu der ganz beonrouegender Situatioun vun de Mënscherechter am Xinjiang an zu Hong Kong soen.
194. Mat Japan hu mir besonnesch enk Relatiounen. Zejoert ass de Keiser Akihito perséinlech op eis Ambassade zu Tokyo komm, fir dem Grand-Duc Jean eng lescht Eier ze erweisen. Enn 2019 war de Groussherzog Henri zu Tokyo fir un der Zeremonie vum Trounwiessel deelzehuelen. D'nächst Joer hoffe mir dass d'Echangen op héchstem Niveau erëm weiderlafen, och am Kader vun den olympesche Spiller. D'Bedeutung vu Japan fir eis als Wirtschaftspartner wäert an Zukunft weider wuessen. Am Zesammenhang mam Brexit hu schonn eng Rei japanesch Entreprises hiren europäesche Setz op Lëtzebuerg verluecht, esou zum Beispill am Secteur vun den Assurancen.
195. Indien gëtt ëmmer méi wichteg fir Lëtzebuerg an Europa insgesamt, fir eis Relatiounen am asiatesche Raum ze diversifizéieren. D'Zuel vun den Inder zu Lëtzebuerg huet sech an deene leschte Jore méi wéi verduebelt. Am Moment gëtt et keen anert Lëtzebuerger Konsulat, dat méi Visasdemanden traitéiert, wéi eis

Ambassade zu Delhi. Well eis Relatiounen ëmmer méi enk ginn, behale mir och d'Mënscherechtesituatioun an Indien ganz genau am A.

196. Wou ech Enn Januar zu New Delhi op Visitt war, hat ech mat mengem Homolog, dem Ausseminister Jaishankar e Gespréich iwwert de „Citizenship Amendment Act“, e Gesetz dat fir vill Opreegung an Indie suert. Mir waren eis eens, dass alles dru gesat muss ginn, fir ze verhënneren, dass Mënschen sech an enger Situatioun vu Staatelosegkeet erëm fannen.
197. Mir konzentréieren eis selbstverständlech net nëmmen op déi grouss Länner an Asien. Sou hu mir am Mäerz dëst Joer, just virum Lockdown, déi zweet Editioun vum „ASEAN Day“ an der Chambre de Commerce organiséiert. D'ASEAN ass eng politesch Organisatioun, déi zéng südostasiatesch Länner vereent. Dës Länner ginn oft iwwersinn, obwuel se eng Bevëlkerung vu 650 Millioune Leit hunn an och eng Mëttelschicht, déi stänneg wisst. Dësen „ASEAN Day“ war e groussen Erfolleg, mat iwwert 100 Participante vun enger 30 Lëtzebuerger Betriber an de Verrieder vun den zéng ASEAN-Ambassaden. D'Fräihandelsaccorden, déi d'EU mat Singapur a mam Vietnam ofgeschloss huet, wäerten et erméiglechen, net nëmmen ekonomesch, mee och um politesche Plang méi enk zesammen ze schaffen.

Afrika

198. Afrika bleift e wichtege Partner an eng Prioritéit an eiser Aussepolitik. Mir begréissen d'Efforte vun der Europäescher Unioun, fir eis Partnerschaft mat Afrika ze moderniséieren an deenen neie Realitéiten unzepassen.
199. Mir müssen iwwert de Cliché vun Aarmut a Misär ewech kucken, fir e méi komplett Bild vum Kontinent ze hunn, ouni awer d'Realitéit schéinzerieden. Et liewen nach ëmmer vill Leit an Afrika an extremer Aarmut. De Räichtum gött ëmmer méi ongerecht verdeelt. An d'Ressourcë ginn duerch de Klimawandel an de Wuesstem vun der Bevëlkerung ëmmer méi knapps. Esou Ongläichgewichter kënnen séier zu Konflikter féieren.
200. Dëst ass awer nëmmen en Deel vun der Realitéit. An Afrika liewen och immens vill jonk an dynamesch Leit, déi d'Potenzial an de Wellen hunn fir hire Kontinent

politesch, wirtschaftlech a sozial ze verwandelen a virunzebréngen. Dofir ginn anstänneg Aarbechtsplazen, Accès zu soziale Servicer, Energie an Infrastruktur, a Méiglechkeete fir eng besser politesch Participatioun gebraucht. Déi jonk Fraen a Männer an Afrika engagéieren sech ganz staark dofir. Lëtzebuerg steet hinnen zur Säit.

201. Duerch eis Presenz zu Addis Abeba, Sëtz vun der Afrikanescher Unioun, ënnerstëtze mir de Kontinent, deen Efforte mécht, afrikanesch Léisunge fir afrikanesch Defien auszeschaffen an ëmzesetzen. Mat eisen Ambassaden um Cabo Verde, a Westafrika – Senegal, Mali, Burkina Faso, Niger – an an Ethiopien, genau ewéi duerch Wirtschaftsmissiounen an aneren afrikanesche Länner, zum Beispill am Marokko, am Rwanda an am Kenya, an der Côte d'Ivoire oder am Ghana, gi mir eis d'Mëttel, fir laangfristeg eis Partnerschaft weider kënnen auszebauen.
202. D'Lëtzebuurger Entreprises hunn d'Stärkte vun Afrika och erkannt. Eng Rei vun hinnen hunn um Kontinent Fouss gefaasst, zum Beispill am Beräich vum Stol, vun der Finance inclusive, vun de Satellitten, vun den Telekommunikatiounen a vum Loft-Cargo. Fir d'Geschäftsfeld ze verbesseren an déi néideg Investitiounen ze erméiglechen, ënnerstëtzt Lëtzebuerg d'Stärkung vun de Banken a Finanzsystemer, souwéi nohalteg kommerziell Projeten an enger Rei vu Beräicher: Digitaliséierung, Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien a Fintech.
203. Zu der Zesummenaarbecht mat eisen afrikanesche Partner gehéiert natierlech och d'Verdeedegung vun den demokratesche Wäerter an de Respekt vun de Mënscherechter an enger inklusiver Gouvernance. Nëmme esou kënnen d'Afrikaner hire Kontinent op de Wee vun der nohalteger Entwécklung féieren.

Conclusioun – Erënnerung an Asaz

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

204. Ech hu versicht, lech duerzeleeën, wéi mir eis an der Europäescher Unioun mee och doriwwer eraus an der internationaler Gemeinschaft asetze fir eis Valeuren an eis Interessien, fir de Rechtsstaat, d'Mëscherechter an de Multilateralismus, fir de Fridden an och fir d'Prosperitéit vun eise Bierger an eiser Ekonomie.
205. Eisen Asaz berout och op d'Léieren di mir aus der Vergaangenheet gezunn hunn. 2020 ass e Krisejoer, mee et ass och e wichtegt Joer vum Gedenken.
206. Am Januar hu mir eis un d'Befreiung vum Vernichtungslager Auschwitz-Birkenau viru 75 Joer erënnert. Lëtzebuerg konnt hei Akzenter setzen duerch eis Presidence vun der IHRA, der *International Holocaust Remembrance Alliance*. Ech wëll op dëser Plaz eisem Ambassadeur Georges Santer Merci soe fir säin onermiddlechen Asaz. Mir hunn eng ministeriell Deklaratioun vun der IHRA adoptéiert, an där mir eis verpflichten, d'Memoire vun der Shoah ze fleegen, eis géint d'Geschichtsverfälschung ze wieren an den Antisemitismus souwéi aner Forme vun Diskriminéierung mat neier Energie ze bekämpfen.
207. Am Réckbléck op d'Shoah huet den Elie Wiesel mat Recht op d'Gefor vun der Indifferenz higewisen. Ech zitieren seng Wieder, wéi en de Friddensnobelpräis iwwerrecht krut: „*We must always take sides. Neutrality helps the oppressor, never the victim. Silence encourages the tormentor, never the tormented.*”
208. Dëst Joer hu mir eis och erënnert un d'Befreiung vu Lëtzebuerg viru 75 Joer. Am Dezember d'lescht Joer, am Kader vum 75. Anniversaire vun der Schluecht an den Ardennen, enger vun de bluddegste Schluechten am Zweete Weltkrich, konnte mir de Veteranen, eise Befreier, den Amerikaner an den alliéierten Truppen, nach eng Kéier aus déifstem Häerze Merci soen, dass si ons d'Fräiheet erëmginn hunn.
209. Viru 75 Joer huet Lëtzebuerg sech zu San Francisco un der Grënnung vun de Vereenten Natiounen bedeelegt. A viru 70 Joer huet de Robert Schuman seng

Deklaratioun gemaach, di weeweisend sollt si fir d'europäesch Integratioun, fir den europäesche Friddensprojet.

210. Mir sinn an engem Joer vum Gedenken, vum Besënnen op dat, wat déi Generatioune virun eis geleescht hunn, fir aus dem Krich an dem Misär erauszekommen. Dorop musse mir fir d'Zukunft opbauen.
211. Grad an der jëtzege Zäit vu Vulnerabilitéit kënnen a solle mir eis net verstoppen. Et ass ons Flicht, als Lëtzebuerger, als Europäer, als Deel vun der internationaler Communautéit Faarf ze bekennen, keng Indifferenz ze weisen. Mir mussen eis méi wéi jee aktiv engagéieren, an Europa an doriwwer eraus, fir d'Interessie vun eisem Land a vu senger Bierger, fir d'Grondwäerter vun der Demokratie, fir eng Weltuerdnung, déi op kloer Reegele fousst, fir e friddlecht, sozial gerecht a klimagerecht Zesummeliewen, wou keen an den Abseits gedréckt gëtt.
212. Mir mussen an eiser Aussepolitik Akzenter setzen, Prioritéite setzen a strategesch virgoen, well eis Mëttele sinn net onbegrenzt, och wa mir se an de leschte Jore konnte verstärken. Am Juni d'nächst Joer wäerte mir eng Bestandsopnam vun eiser Aarbecht mat eise Botschafterinnen a Botschafter maachen, am Kader vun der nächster Conférence diplomatique.

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

213. Et bleift mir d'Hoffnung auszedrécken, mee och de Wëlle vun der Lëtzebuerger Regierung, mat aller Kraaft matzehëllefen, dass nees agesi gëtt dass de Fridden nëmme eng Chance huet, wann de Staarken dat internationaalt Recht respektéiert an de Schwaachen dat internationaalt Recht fir seng Verdeedegung beusproche kann; kuerz, wann een nees kloer weess, wat richtig a wat falsch am Auerwierk vum Planéit tickt.